**Fanger ewech vun Manipulatiounen beim eBac!**

Heimat soen ech all deene villmols Merci, déi mir duerch den eBac d'Méiglechkeet ginn hunn, 25 Joer nodeem ech d'Schoul ofgebrach hat, meng Première nozeman.

Kuerz nodeem ech mat der Schoul opgehal hat, hunn ech natierlech festgestallt, dass ech ee grousse Feeler gemaach hat, wéi ech méch mat enger Troisième zefridde ginn hat, obschonn ech méch ganz séier an den Aarbechtsmarché, deen deemols nach vill méi liicht accessibel war wéi haut, intégréiert hat. Déi eenzeg Méiglechkeet, fir män Diplom dach nach ze kréien, war zu deem Ament een Owescours am Athenée de Luxembourg während 5 Owender an der Woch. Aus verschiddensten Grënn war dëst fir méch deemols, an och nach haut, net méiglech.

Em sou méi frou war ech, wéi ech 2006 an der Press op de Projet vum eBac gestouss sinn. Vun der éischter Minutt un war ech vu kompetenten Leit (groupe de pilotage an eTeacher) ëmginn, déi mech wonnerbar encadréiert hunn. De System mat de Moduler huet mir et erlaabt, fir mech optimal kënnen z'organiséiren an esou Famill, Beruff an Schoul ënnert een Hutt ze kréien. Praktischerweis goufen all Fächer e puer Mol am Joer ugebueden an ech konnt mir män Léierplang ganz fräi zesummestellen, well méi wéi 3-4 Moduler gläichzäiteg ware fir mech net méiglech.

Ganz bedauerlech fannen ech et dofir, dass déi iwwert 100 eLearner, déi momentan amgaang sinn, fir dee selwechten Parcours z'absolvéieren wéi ech, net vun där selwechter Flexibilitéit, wéi ech se hat, solle kënne profitéiren. Natierlech verstinn ech, dass an Krisenzäiten musse Spuermoossnamen ergraff ginn, mee et ass sécher net de richtege Wee, fir dat am Enseignement ze man. Ëmmer erëm héiert a liest een an der Press, dass zevill jonk Leit op den Aarbechtsmarché kommen, ouni een Diplom an der Täsch ze hunn. Den eBac ass eng formidabel Méiglechkeet, fir esou Leit nei Perspektiven ze bidden.

Leider kann ech, aus eegener Erfahrung, der Madame Minister hir Meenung net deelen, dass mat der geplangter Reorganisatioun vun de Moduler, d'eLearner an d'Zukunft déi selwecht Méiglechkeeten behalen, fir ouni Probleem virunzekommen. Am Géigendeel sinn ech iwwerzeegt dervun, dass dee gréissten Deel vun den eLearner vill méi laang wäert brauchen, fir déi 3 Joer vun Troisième bis Première absolvéiert ze kréien, wéi dat bis elo de Fall war. Domat wäert automatesch d'Zuel vun deenen, déi och den eBac ouni Diplom verloossen, drastesch an d'Luucht goen. Alt nees eng Kéier ginn déi Leit dann vum lëtzebuergeschen Schoulsystem am Stach gelooss.

Dofir, Madame Minister, iert Dir déi motivéiert eLearner an hir nach méi motivéiert eTeacherën, grad wéi de „groupe de pilotage" nach méi virun de Kapp stousst, setzt Iech mat den zouständege Leit un een Dësch an sicht no enger adequater Léisung, déi all Säiten zefridde ka stellen, amplaatz vun uewen erof onverständlech a kontraproduktiv Moossnamen ze diktéiren. Nëmmen esou kann déi formidabel Success-Story vum eBac weider goen.

Eliane Scheueren